

Wa mer eis hei, wéi oft gesot gëtt, e Gesamtkonzept virgestallt hätten, dann hätte mer nach eng Kéier eng Legislatur diskutéiert; gleefft mer et. Hei ass e Schrëtt awer gemaach ginn. Ech weess net, wéi oft an deene leschten 20 Joer Administratiounen zesummegeluecht gi sinn. Wéi oft ass dat da geschitt? Kann ee mer dat soen? Einzelner vun lech ware jo an der Regierung: Wéi vill Administratiounen hu se dann zesummegeluecht, einfach esou?

Ech ka mech net drun erënneren, dass dat oft de Fall war. En plus bleiwen hei eng Rei Administratiounen, déi behalen hir Kompetenzen. Ech hunn an der Chamber kee massiven Drock gespiert, fir dass d'Agriculture dat ewechgeholl kritt, fir dass d'Santé dat ewechgeholl kritt oder d'ITM dat ewechgeholl kritt, wat se hunn. Also kommt, mir ginn eis eens. Entweder wëllt Der, dass dat do ewechkënn't an op eng aner Plaz, an da maache mer dat, oder kommt, mir sinn hei éierlech a soen, mir sinn awer de Moment der Meenung, dass déi nach op där Plaz solle bleiwen.

Et huet kee Wäert fir allgemeng ze lamentéieren. Da soll eng Motioun heihinner kommen, déi dräi sollen zesummen an den ILNAS kommen. Da sinn ech dee Leschten, dee sech dergéint wiert. Ech sinn awer gespaant, ob eenzel Leit, déi dat hei ervirbruecht hunn, dat dann och heihinner als Motioun bréngen.

Duerfir loosse mer awer verstänneg sinn. Ech verstinn. Ech hätt och léiwer gehat, et wier alles zesummegeluecht ginn. Mä ech sinn awer scho frou, dass mer dräi Stéck zesummeleeën an dass mer der eng Rei besser koordinéieren. Kommt, mir gesinn dat als en Advantage un.

D'Madame Flesch huet gesot, eng nei Administratioun schafen, dat ass net gutt. Dach, wann een der dräi kann ofschafen. Dann, fannen ech, ass dat eng exzellent Saach.

*(Interruption)*

Dach, Dir hutt geäntwert. Mir schafen eng nei Administratioun - do hutt Dir gesot: Fannt Dir dat gutt?

» **Mme Colette Flesch (DP).**- Jo. Dat war eng Fro.

» **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Bon. Da soen ech lech, ech fannen dat gutt, wann een der dräi ofschaaft.

Voilà, da kann ee roueg eng aner amplaz schafen.

Ech hätt och léiwer gehat, mir hätten en aneren Outil geholl. Meng éischt Propositionioun war en Établissement public. Ech sinn domadder net virukomm. Dir wësst och firwat.

D'Regierung ass mat der CGFP am Moment a Gespréicher - wann een et esou wëllt hunn, et brauch een net méi ze soen - wat d'Établissements publics ubelaangt. Et ass also keen Établissement public méi säit-deem hei an der Chamber gestëmmt ginn. Keen. An duerfir krut ech och gesot, looss d'Fanger dovun ewech. Et war de Choix: Administration gouvernementale classique oder total privatiséiert.

Ech si kee Fetischist vun deem engen nach vun deem aneren. Duerfir gëtt dat heiten eng Administratioun, déi och net opgebauscht gëtt an déi scho vun Ufank u vu mir gesot kritt hunn, si misste kucken all déi Elementer, déi privatwirtschaftlech kënne gelescht ginn, a Kollaboratioun mat deenen Organismen ze maachen, déi do sinn.

Ech kéint beweisen unhand vun e puer Beispiller, dass ech dat och op anere Plaze gemaach hunn, a probéieren do, wou et méiglech ass, besonnesch do, wou och Revenuë sinn, wéi dat op enger anerer Plaz kënnen ze maachen. A wësst Der, fir déi, déi alt emol an der Regierung waren, déi wëssen, dass et den Numerus clausus gëtt.

An eleng fir net domadder geplot ze sinn, soen ech lech, sinn ech bal forcéiert dee Wee ze goen. Well stellt lech vir, ech géif elo wierklech - dat wat gefrot ass - aacht Ingenieuren hei froen. Ech kréien, en tout et pour tout, fir de ganze Ministère alt, dräi, wann et gutt geet emol eng Kéier véier Beamte bäi.

Dass ech aacht Ingenieuren op ee Coup dohinner kréien, a wahrscheinlech nach e puer Juristen, esou wéi dat gefrot ass, dat ass jo einfach net denkbar. Duerfir probéiere mer a Kollaboratioun mat der Privatwirtschaft eng Rei Saachen ze regelen, déi par ailleurs och verstännegerweis do kënne geregelt ginn.

Luxcontrol, d'Homologationsgesellschaft vu Sandweiler si Partner, haut schonn. Si sinn haut schonn op Missiounen derbäi, wann ech an d'Ausland ginn, well se och doraus ufänken e Geschäft ze maachen.

Ech maache mer och Suergen, mir hunn nach e Laboratoire op der Cap, fir deen eventuell zesummenzeleeën, bei CRPen a bei d'Uni; fir dat net eleng do leien ze loos-sen. Do schafft een eenzege Personnage an engem rise Laboratoire. E mécht seng Aarbecht exzellent. Ech froe mech zwar, wat geschitt, wann en eng Kéier krank ass. Ech wollt deen duerfir zesummeleeë bei anerer, déi am Moment um Site Belval entstinn.

Duerfir, mä Wonsch ass wierklech fir zesummenzeschaffen, fir Saachen zesummenzebréngen, an duerfir ass et och „work in progress“, Madame Flesch. Ech hunn och kee Problem. Dat wäert an nächster Zäit och nach esou weidergoen.

Ech hunn och näischt dergéint, wann d'Chamber muer am Budget d'Proposition, déi d'Regierung mécht, unhëlt. Wann Dir mir elo aacht Leit méi gitt an och méi Sue gitt, fir dat do ze maachen, da streiden ech net mat lech. Duerfir, ech hunn domadder kee Problem, mä do setzt Der lech dann ausenaner mam Budgetsminister.

Ech ginn op e puer Froen nach an, déi stellt gi sinn. Dat war déi, firwat dass een dat net méi privat gemaach huet. Ech hu gekuckt, déi 516 Normen, ëm déi et gaang ass 2008, déi hunn 59.000 Euro abruecht.

Mengt Dir, de Privatsecteur hätt sech gestriden, fir zu esou vill Leit dat do ze maache fir déi do Zomm? Duerfir kann een net déi Leit beschäftegen, déi noutwendeg sinn, fir heirobber ze schaffen. An duerfir, och wa mir gefrot hätten, hätt am Privatsecteur kee fir déi do Zomm dat do gemaach, oder de Präis wier drastesch an d'Luucht gaangen. Deen, dee wëllt, dass de Präis drastesch an d'Luucht geet, dee soll mer dat soen. Ech sinn op alle Fall net där doter Meenung. Ech sinn der Meenung, et muss een deen anere Wee weidergoen.

Dir hutt mech och gefrot, wou d'Reglementer dru sinn. Dat vun der Métrologie gëtt et, dat vun der Akkreditatioun, vun der Normalisatioun ass fäerdeg. Dat vun der Surveillance des marchés ass och amgaang erstallt ze ginn, ass awer nach net fäerdeg. Dat vun der Elektrizitéit muss zesumme mat der Cegedel am Moment iwwerkuckt ginn, an dat vun de Konzessiounen leeft souwisou bis Enn des Joers. Duerfir dierft do kee Problem sinn an dierft och keng Schwieregkeet Entstoen.

Leschte Punkt: Police - OPJ. Also, ech muss soen, an der Theorie kléngt alles gutt, wat een hei héiert. Et ass jo och richtig. Awer nëmmen an der Theorie. Ech hu Beamten, déi OPJ sinn an och geléiert OPJ sinn. Ech hunn där nach zwee, mengen ech. Déi sinn am Moment agesat bei allem, wat d'Konsumenten, d'Indication des prix an esou ubelaangt.

Mä ech muss lech soen, ech géif gär gesinn, wann een amgaange wier, eng Wo ze kontrolléieren, an da géif hien eppes gesinn, wat do net gutt ass. Il faudrait dresser procès-verbal. An da géif hien urufen, fir dass e Polizist géif kommen, fir dee Procès-verbal ze kréien. Ech géif dat gär gesinn, ob dee géif kommen.

Loosse mer dach verstänneg sinn! Et huet dach kee Sënn, fir ze mengen, mir géife muer eng zentral Police schafen, déi all déi Saachen do mécht. Wann do een urift, am Cactus läit e Produkt, wat net der Sécuritéit entsprécht, mengt Dir da wierklech, da géif direkt een dohinnergoe vun der Polizei, fir do e Procès-verbal ze maachen? Da geet ee vum Service de l'Énergie de l'État haut dohinner, confisquéiert et, kontrolléiert et. Dee mécht dat. Ma loosse mer dach verstänneg sinn a kommt, loosse mer et net méi komplizéiert maachen, wéi et ass!

Déi Leit kréien eng Formation, do ass keen Zweifel. Mä dat sinn alleguerte Leit am Prinzip mat BAC+, Einzelner sinn Universitär. Et sinn der am Moment schonn dräi do an der Métrologie an et kommen der zwee bis dräi nach bäi. Dovun ass ee Mann, deen, deen dat Ganzt opgebaut huet, deen huet elo all déi Joren nëmmen dat gemaach. Solle mer deem elo soen, deen hätt keng Kompetenz méi, a mir bräichten elo en accréditiéierte Polizist?! Ech hunn der zwee Stéck, ech kéint se matschécken. Mä déi hätte wuel ze dinn, wann déi do mat all deene Leit géife ronderëmgoen, duerch déi an der Praxis d'Surveillance vun de Marchée muss geschéien.

Duerfir, wann ech gelift, och wann et an der Theorie richtig ass, wär ech nawell frou, wann Dir eng Kéier géift driwwer schwätzen, wéi dat do an der Praxis ofzelafen hätt.

Fir de Rescht soen ech awer Merci, wéi gesot nach eng Kéier, fir déi exzellent Aarbecht, déi gemaach ginn ass. Ech ginn zou, dass den Text wesentlech besser ginn ass wéi dat, wat e war. Et ass eng komplex Matière. Dir hutt villes dozou bäigedroen.

Ech sinn och frou, dass awer eng Meenung hei virherrscht, nämlech dass mer hei ee Schrëtt weiderkommen an dass déi eenzel Fraktiounen dat hei stëmmen.

Ech gesinn, d'Madame Flesch huet de Besoin urgent et profond, eppes ze soen.

» **M. le Président.**- Dir hutt d'Wuert, Madame Flesch.

» **Mme Colette Flesch (DP).**- Här President, ech hat dem Minister eng prezis Fro gestallt an hat hie gebieden, ons ze soen, ob hie bereet ass, am Numm vun der Regierung den Engagement ze huelen, fir der Chamber d'komplett Lëscht vun den OPJen an alle Verwaltunge virzeleeën. Dorobber huet hien net geäntwert.

» **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Ech hu kee Problem, fir dat bei mir ze maachen.

Ech weess net, Fernand, méchs du dat och bei dir?

Ech ka mech net engagéieren - ech si jo net Premierminister - fir d'ganz Regierung. Ech ka mech engagéiere fir meng Kompetenzen. Ech wäert dat also, wat meng Kompetenzen ubelaangt, maachen a wäert de Wonsch weiderreechen un d'Regierung an un de Premierminister.

Als Éischt wäert ech déi Lëscht aus dem Sportsministère eraginn. Ech kann lech elo scho soen: Et sinn der null.

*(Hilarité)*

» **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5585. Dat ass de Projet de loi ayant pour objet le contrôle des voyageurs dans les établissements d'hébergement, an d'Iwwersetzung heescht da Projet de loi iwwert d'Gestioun vun den Donnéeën am Beräich vum Tourismus. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. D'Wuert huet d'Madame Rapportrice, déi honorabel Madame Françoise Hetto-Gaasch.



#### 4. 5585 - Projet de loi ayant pour objet le contrôle des voyageurs dans les établissements d'hébergement

*Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*

» **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV), rapportrice.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi iwwert de Contrôle vun de Reesenden an den Établissements d'hébergement ass den 12. Juni 2006 vum Mëttelstands-, Tourismus- a Wunnengsbauminister an der Chamber déposéiert ginn.

Déi zoustänneg Chamberskommissioun huet sech fir d'éischte Kéier den 18. Oktober d'lescht Joer mat dësem Projet befaasst, nodeems de Statsrot säin Avis den 20. Mäerz ofginn hat. Opgrond vun dësem Avis huet d'Kommissioun eng Serie vun Amendementer ugeholl a se dem Statsrot den 29. Oktober 2007 ënnerbreet. De 17. Januar vun dësem Joer huet déi zoustänneg Chamberskommissioun den Avis complémentaire vum Statsrot ënnersicht an no engem weideren Amendement hu mer den 20. Mäerz...

*(Interruption)*

Soll ech nach eng Kéier vu vir ufänken?

*(Hilarité)*

» **M. le Président.**- Ech mengen, Dir misst lech e bësse méi no bei de Mikro bëcken.

» **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV), rapportrice.**- Muss ech mech méi heidrobber leeën? Esou?

*(Brouhaha général)*

» **M. le Président.**- Neen, e bësse méi nobäi.

» **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV), rapportrice.**- Sou, elo hunn ech awer tatsächlech de Fuedem verluer.

*(Interruptions et hilarité)*

De 17. Januar dëst Joer huet déi zoustänneg Chamberskommissioun den Avis complémentaire vum Statsrot ënnersicht an no engem weideren Amendement hu mer den 20. Mäerz den zweeten Avis complémentaire vum Statsrot analyséiert.

Här Boden, geet dat elo esou besser?

» **Une voix.**- Jo.

» **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV), rapportrice.**- De schrëftleche Rapport gouf den 9. Abrëll 2008 vun der Kommissioun ugeholl.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wourëms geet et dann elo an dësem Projet? D'Zil vum Gesetzestext ass et engersäits, eisem Land en effikasse System zur Verfügung ze stellen, fir d'Fluxen an d'Sécherheet vun de Reesenden ze kontrolléieren, an anerersäits soll en dozou bäidroen, valabel Statistike kënnen opzestellen iwwert d'Zuel vun den Iwwernuechtungen an all méiglechen touristeschen Etablissementter wéi zum Beispill Hotelen, Campingen, Jugendherbergen an esou weider.

En plus ersetzen déi nei Dispositionen d'Gesetz vum 16. August 1975, dat bis haut de Contrôle vun de Reesende geregelt huet. Dëse Projet schreift sech och an déi europäesch Direktiv 95/57/CE an, déi d'Sammele vu statisteschen Donnéeën am Tourismusberäich ubelaangt an déi zënter 1996 zu Lëtzebuerg applicabel ass.

Déi Hauptconcernéiert hu sech dann och mam Inhalt vun dësem Gesetz ausernee-gesat. Am Virfeld hunn d'Hôtellerie, de Campingsecteur, den Tourismusministère, de Justizministère, d'Police an de Statec mateneen diskutéiert a kooperéiert, fir en Text auszeschaffen, deen deene verschiddenen Interesse Rechnung dréit.

An der Optik, fir engersäits manner administrativ Oploe fir d'Bedreiwer vun den Établissements d'hébergement ze schafen an anersäits d'Sécherheet ze verstärken, innovéiert dëse Projet de loi op engem spezifische Punkt: D'Propriétaire vun Hotelen, Campingen an aneren Etablissementter, wou ee kann iwwernuechten, ginn nämlech obligéiert, Donnéeën iwwer hir Clienten ze erfaassen a se un d'Police an de Statec weiderzerechen.

Nei ass och, dass d'Membere vun engem Grupp zesummen op enger Fiche, op enger eenzeger a gemeinsamer Fiche erfaasst ginn. Dës Fiche kann elektronescher Aart sinn oder wéi bis elo ënner Pabeierform existéieren a gëtt iwwer Règlement grand-ducal definéiert.

D'Fiches d'hébergement mussen elektronescher Natur sinn, wann den Etablissement méi wéi zéng Zëmmer huet oder bei engem Camping mussen op d'mannst 25 Stellplazen do sinn. Fir all Etablissementter, déi manner Zëmmeren oder manner Stellplazen hunn, ass déi elektronesch Erfaassung fakultativ.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Chambre de Commerce félicitéiert d'Auteure vum Projet de loi, well heiduerch eng regelrecht Simplification administrative ugestriift gëtt. A si begréisst et, dass sämtlech concernéiert Acteuren am Virfeld consultéiert goufen.

Bedenken huet se just, wat d'Organisatioun vun der Erhiewung vun den eenzelnen Donnéeën ubelaangt. Besonnesch wat d'Gebuertsstad vu Gruppereesenden an d'Placknummer vum Auto ubelaangt. De Logeur huet nämlech net ëmmer onbedéngt Zougang zu dësen Donnéeën.

A sengem éischten Avis ënnerstëtzt de Statsrot den éischten Objektiv vum Projet de loi, deen doranner besteet, de statistesche Recensement duerch d'Informatisatioun méi performant ze gestalten. Allerdéngs ass hien der Meenung, dass den Opwand, fir d'Informatiounen ze sammelen, disproportionéiert ass par rapport zum Benefiss, deen e sech um Niveau vun der Preventioun vun der Delinquenz erwaart.

Dernieft stellt déi héich Kierperschaft sech d'Fro, wéi wäit de Stat sech an d'Privatsphär vun deem Einzelne kann amëschen, an ob de Stat sech dierft dat Recht eraushuelen, fir den Déplacement vun de Voyageuren ze iwwerwaachen.

De Conseil d'État huet och duerfir insistéiert, dass déi systematesch Kommunikatioun vun de Fiches d'hébergement un d'Police grand-ducale just dofir geduecht ka sinn, fir der Police et ze erlaben, hir divers Missiounen, wéi zum Beispill d'Preventioun, auszeüben.

Dernieft ass déi héich Kierperschaft och der Meenung, dass d'Police just déi Fichë soll zougestallt kréien, déi Persoune con-

cernéieren, déi normalerweis net zu Lëtzebuerg wunnen. An engem leschte Punkt weist de Statsrot nach drop hin, dass de Statec just déi Informatiounen soll zougestallt kréien, déi hie brauch fir seng Missiounen ze erfëllen, wéi se am Gesetz vum 9. Juli 1962 festgeluecht sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach e puer Wierder zu den eenzelnen Articlele vum Projet de loi. Den Artikel 1 seet, vu wiem, wou an ënner wéi enge Modalitéiten eng Fiche d'hébergement ausgefëllt muss ginn. Den Detail hunn ech lech virdu scho beschriwwen. Dësen Artikel huet an der Kommissioun fir Diskussiounen gesuergt. Hei wollt de Conseil d'État nämlech, dass just déi Logeuren, déi géint Bezuelung Leit bei sech ophuelen, dës Fichen ausfëlle missten.

Domadder war d'Kommissioun awer net averstanen, well se gemengt huet, doderdurch hätten Illegaler d'Méiglechkeet, an Etablissementer ënnerdaach ze kommen, ouni de Sécherheetsbestëmmungen ze ënnerleien. Dierneft huet d'Kommissioun festgestallt, dass de Règlement grand-ducal zu de Fiches d'hébergement supplementar Konditiounen festleeë géif, déi am Text selwer net ernimmt wieren. Der Kloeerheet halber hu mer dunn decidéiert, verschidden Dispositiounen mat an den Text ze iwwerhuelen, woumadder de Statsrot och averstane war.

Den Artikel 2 obligéiert de Logeur, sämtlech Donnéeën iwwert d'Identitéit vun de Persounen, déi bei him iwwernuechten, ze iwwerpräiwen. Den Artikel 3 seet, dass de Logeur d'Fichë muss u Police a Statec weiderginn, an dat aus Ursaache vu Preventioun a Recherche bei der Police a fir beim Statec Statistiken am Beräich Tourismus opzestellen. An deem Kontext wëll ech soen, dass opgrond vun de verschiddenen Avisë vum Statsrot mir eis laang mat der Fro beschäftegt hunn, wéi eng Donnéeën un d'Police geschéckt ginn, ënner wéi enger Form a wéi laang se och stockéiert an traitéiert dierfe ginn.

Et ass schlussendlech decidéiert ginn, dass all dës Froen iwwert d'Modalitéiten an d'Délaië vun der Kommunikatioun, genee wéi de Stockage an den Traitement vun dësen Donnéeën bei der Police grand-ducale iwwer e Règlement grand-ducal preziséiert solle ginn. De Statsrot huet mat op de Wee ginn, dass ee sech bei der Ausaarbechtung vun deem Règlement un de Règlement vum 21. Dezember 2006 ulehne sollt, deem d'Fluggesellschaften obligéiert, der Police Donnéeën iwwert d'Fluggäschcht aus Net-EU-Memberstate matzedeele.

Den Artikel 4 leet fest, dass d'Fiches d'hébergement zwielf Méint laang musse konservéiert ginn, an den Artikel 5 obligéiert de Logeur, op Demande vun der Police him d'Originaler virzeleeën, vu dass d'Police d'Donnéeën nëmmen an engem Fichier temporaire versueren dierf. Den Artikel 6 definéiert d'Strofen, déi ufalen, wann d'Gesetz net bëuecht gëtt, an den Artikel 7 seet, dass mat dem Akraafttriede vun deem Gesetz d'Gesetz vum 16. August '75 ofgeschaf gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat wier et gewiescht fir mäin Deel. Den Detail zum Projet de loi kënnt Dir a mengem schréftlechen Rapport noliessen. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren a bréngen och den Accord vu menger Fraktioun.

Ech géif just nach gären a mengem perséinlechen Numm wëllen eppes bäiflécken, wann Der erlaabt, Här President, an zwar wëll ech soen, dass den Tourismussecteur sech wäert freeën, wa mer dat heite Gesetz stëmmen, well si waarden anscheinend schonn zënter Joren drop. Nëmme mat fiabelen Donnéeën kënnen och effikass Strategië fir de Marketing vun der Destinatioun Lëtzebuerg ausgeschafft ginn.

Merci!

» **M. le Président.**- Merci, Madame Hetto. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Etgen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Fernand Etgen (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, viirewech en opriichtege Merci a meng Unerkennung

un d'Rapportrice fir hire prezis kloer formuléierte schréftlechen a mëndleche Rapport.

De Projet de loi 5585 ass kee grouse Gesetzestext. Et ass net nëmme kee groussen Text vum Ëmfang hier - en huet grad emol knapp 600 Wierder -, mä et ass virun allem kee grousst, fir net ze soen e schlecht Gesetz, wat de Contenu ubelaangt.

Et heescht, dëst Gesetz vun der Sammlung vun den Donnéeën vun de Leit, déi an engem Hotel oder soss an engem touristeschen Etablissement iwwernuechten, wier néideg ginn, well mer haut aner, méi innovativ a méi schnell techesch Méiglechkeeten hunn, dës Donnéeën opzehuelen, ze stockéieren a weiderzeginn. Grad hei leien awer an eisen Aen de Knackpunkt an d'Gefore vun deem Projet de loi.

Mat deem éischten Objektiv vun deem virleienden Text, nämlech fir déi statistesch Auswärtung vun den Zuele vun den Iwwernuechtungen ze performéieren, kënnen mir als liberal Partei duerchaus d'accord sinn.

Déi aktuell benotzte Fichë sinn einfach net méi zäitgeméiss a sollen op Demande vun der Horesca schonn zënter méi wéi 15 Joer ersat ginn. Et ass bedauerlech, datt et esou laang gedauert huet, bis eisen Hôtellerie-secteur endlech d'Moyenë kritt, fir kënnen d'Donnéeën vu senger Clienten esou ze sammelen, datt domat och beispillsweis e cibléierte Marketing a Richtung Kongress-tourismus, a Richtung Kulturtourismus, a Richtung Fräizäitourismus an, firwat och net, a Richtung Bannentourismus gemaach gi kann.

An Zäite vun enger verschäerfter Konkurrenz ass dëst ee wichtegt Element fir eis Tourismusbranche. Mat dësen Statistiken ass et besser méiglech, de Profil vu méigleche Clientë festzeleeën.

Mat deem zweeten Deel, wat am Exposé des motifs vum Text opgefouert gëtt, nämlech dass mat Hëllef vum Stockage vun dësen Donnéeën eng Verbesserung vun der Sécherheetslag soll kënnen erreecht ginn, domat kënnen mir eis op kee Fall averstanen erklären. Fir d'Demokratesch Partei ginn an deem Fall ganz kloer d'Prinzipien vun der Proportionalitéit vun den agesate Moyenë bei Wäitem iwwerschrott.

Eiser Meenung no gëtt et keen iwwerzeegend Argument, wat déi systematesch Späicherung vun dësen Donnéeën bei der Police justifiéiert. Aner Länner gesinn dat iwwerengens genauos an hunn déi systematesch Iwwermëttlung vun dësen Donnéeën scho viru Joren ofgeschaf. Zu dëser Konkusioun kënnt iwwerengens och de Statsrot a sengem Avis, wann hie schreift: «Il y a lieu de noter que d'autres pays européens ont abandonné la collecte de ces informations puisque l'effort administratif requis est apparu comme disproportionné par rapport au bénéfice à entourer sur le plan de la prévention de la délinquance.»

Ech géif an deem doten Zesummenhang dann och wëllen den Här Minister Fernand Boden froen, ob him a senger ganz laanger Carrière als Tourismusminister jee ee Fall bekannt ginn ass, wou ee Verbiecher sech ënner sengem richtege Numm agedroen huet, wann hien am Virfeld schonn e kriminellen Akt geplangt hat.

Här President, dëst ass awer net deem eenzege Punkt, deem eis um virleienden Text stéiert. Vill méi wichteg...

» **M. le Président.**- Här Etgen, erlaabt Der, datt den Här Minister lech eng Fro stellt?

» **M. Fernand Etgen (DP).**- Selbstverständlech.

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.**- ...konnten déi Kriminell, déi déi Dote begaangen haten, gefaasst ginn, well se an deem Hotel waren a well duerch déi Fichen hire Lieu de résidence dee Moment festgestallt konnt ginn. Dat heescht, et si scho Leit, déi opgrond vun deenen Donnéeën do gefaasst konnte ginn.

» **M. Fernand Etgen (DP).**- Also, Här Minister, ech si réischt zënter dem 20. Dezember d'lescht Joer an der Chamber an de Projet, dee muss dann awer virun deem doten Datum an der Chamberskommissioun virgestallt gi sinn, wou déi dote Fäll opgeklaert gi sinn, esou datt et mir am Fong geholl net méiglech war, déi doten Informatiounen ze kréien.

(Interruptions diverses)

Här President vun der Kommissioun, ech hunn op jidde Fall awer déi doten Informatiounen a kengem Rapport vun der Kommissioun noliessen kënnen. Jiddefalls hat ech d'Rapporten, déi iwwert dëst Gesetz ofgefaasst gi sinn, alleguer nogelies.

Här President, dat ass awer net deem eenzege Punkt, deem eis um virleienden Text stéiert. Vill méi wichteg ass an eisen Aen d'Fro, wéi wäit de staatlechen Agrëff an d'Privatsphär vu jiddfer eenzelnem Bierger dierf goen. Eiser Iwwerzeegung no mussen hei ganz enk Grenze gezu ginn an nëmmen an Ausnahmefäll dierfen dës Grenzen iwwerschrott ginn.

» **Une voix.**- Ganz richtig!

» **M. Fernand Etgen (DP).**- De Conseil d'État gesäit dëst och esou: «À cet égard, il se pose la question de la proportionnalité entre la mission des pouvoirs publics d'assurer la sécurité collective et leur prérogative de s'immiscer dans l'intimité de la sphère privée de l'individu.»

E puer Abschnitter weider heescht et: «(...) mais au-delà de ces considérations pragmatiques le contrôle soulève la question bien plus fondamentale du droit que s'arroe l'État de surveiller les déplacements des personnes.» Derbäi kënnt, dass am Artikel 3 vum Projet de loi Folgendes steet: «Un règlement grand-ducal précisera les modalités et les délais de la communication des fiches d'hébergement et des données, de même que le modèle de ces fiches, les indications à y apporter, le mode de conservation de celles-ci, ainsi que le traitement des données par la Police grand-ducale.»

An eisen Ae bleift trotz den Dispositiounen vum Règlement grand-ducal eng Saach awer onkloer: Wie kritt schlussendlech alles Accès op dës Donnéeën? Wéi gesäit dat zum Beispill fir d'Fiskalverwaltungen aus? Kann ee Fiskalbeamten op dës Donnéeën zrëckgräifen, fir de Chiffre d'affaires vun engem Betrib ze iwwerpräiwen? Wa jo, wéi wäit kann hien op dës Donnéeën zrëckgräifen? Gesäit hien och d'Nummer vun der Autosplack an och de Gebuertsdatum vum Client? Eng zefridde stellend Äntwert op dës an eisen Aen elementar Froe fanne mir weder an deem virleiende Projet de loi nach am Règlement grand-ducal.

Här President, reng kommerziell gekuckt läit d'Sammelen an d'Verknëppele vun Date voll am Trend. Déi fortschreidend Digitaliséierung ass verbonne mam Zouhuele vun ëmmer méi Datestréim, déi zu enger Multitude vu persounebezunnenen Donnéeën féiert. Datt d'Selbstbestimmungsrecht vun deem Einzelnen dobäi a Gefor gerët, ass leider oft deene wannste Leit bewosst.

Déi Donnéeën, déi hei opgeholl ginn, kënnen problemlos mat aneren Datesammlungen esou verknëppt ginn, ouni datt dee Betrafenen hir Richtigkeet beaflossen oder kontrolléiere kann.

Den Hotelsgaascht, awer net nëmmen hien, gëtt op dës Manéier zum glieserne Client. Déi modern Technologie léisst et haut zou, ganz Bewegungsprofiler ze späicheren. „Big Brother“ ass leider keng Utopie méi aus düsteren Zukunftsromanen, mä villméi aldeeglech Realitéit.

Grad am Beräich vun der Hôtellerie gëtt Dateschutz oft stiefmütterlich behandelt. Iessen op d'Zëmmer? Moies Müsli beim Kaffi? Owes beim Iessen zwee Glieder Wäin? Wien elo mengt, e wier an engem Hotel, wou d'Personal engem seng Wënsch géif vun den Aen ofliesen, dee kéint sech emol gewaltig iren. D'Personal kennt all Är Detailler, Eegenheeten a Sonnerwënsch, net aus Intuitioun oder opgrond vu senger gesonder Mënschekenntnis, mä well et e Bléck an de Computer gehäit huet an do all déi néideg Informatiounen fonnt huet.

Mir hannerloossen oft liichtsënneg an onabsichtlech e Koup vun digitale Spuren an der Vakanz. Dës Spure sinn oft méi daitlech wéi Foussspuren a kënnen vill méi laang a vill méi prezis stockéiert a benotzt ginn. Dateschutz kennt am Prinzip jiddferen. Datt doraus awer oft „Datenschutz“ gëtt, wësse mir oft genuch net. Oder wéi de Friedrich Schiller scho sot: „Hier wendet sich der Gast mit Grausen. So kann ich hier nicht ferner hausen.“

Här President, dat quasi vollstänneg Duerchlichte vum Hotelsgaascht ass eisen Iwwerzeegungen no net mat der menschlecher Würd vereinbar. Duerfir huet an eisen Aen d'Regierung mat deem Projet och den „Big Brother Award“ méi wéi verdéngt.

De Geescht vun deem Gesetz entsprécht iwwerhaapt net deenen heitege Gewunnechte respektiv dem Profil vun dem Lëtzebuerger Hotelsclient. Ech erkläre mech: De Lëtzebuerger Client geet an de Restaurant iessen, drénkt een oder méi Glieder gudde Lëtzebuerger Wäin, denkt dann un dem Här Lux seng 0,5 Promillegrenz a beschléisst kuerzfristeg a verstännegerweis, am Hotel ze iwwernuechten.

» **Une voix.**- Très bien.

» **M. Fernand Etgen (DP).**- Dëse Client ass awer op kee Fall gewëllt, digital Spuren hannerloossen ze mussen. Dëse Client wëllt net säi Gebuertsdatum oder seng Autosnummer hannerloossen.

(Interruptions)

» **M. le Président.**- Loosst lech net stéieren, Här Etgen.

» **M. Fernand Etgen (DP).**- Neen, ech loosse mech och net stéieren.

Well dëse Client wëllt och net d'Police wëssen dinn, a wéi enger Gesellschaft hien deem Owend verbruecht huet.

Datselwecht göllt och fir de Lëtzebuerger Campingtourist, deem zum Beispill am Süde vun eise Land wunnt a bei guddem Wieder op d'Sauer op de Camping wëllt schlofe goen, deem een Dag net, deem aneren Dag dann awer nees, eng Kéier eleng, da mat engem Kolleeg, déi aner Kéier mat engem anere Kolleeg. Dëse Client huet näischt mat enger Fiche d'hébergement um Hutt a scho guer näischt mat all deenen Informatiounen, déi mat Hëllef vun dëser Fiche dem Här Frieden sollen hëllefen, den Terrorismus ze bekämpfen.

Ech mengen, léif Kolleegen, Dir erkennt selwer, op wat fir een dënn Äis d'Regierung hei gaangen ass. Wann et keen esou eeschten a wichtige Sujet wär, misst ech spëitstens hei eng Kéier gutt laachen. Leider bleift eis als liberal Partei bei esou Gesetzestexter d'Laachen am Hals stiechen.

Dëst gesäit iwwerengens och de Conseil d'État esou a schreift a sengem Avis: «Autre restriction proposée: seraient seules continuées à la police les fiches d'hébergement concernant des personnes ne résidant normalement pas sur le territoire luxembourgeois.»

Dës systematesch Iwwerwaachung vun de Lëtzebuerger op hirem eegenen Territoire hale mir fir iwwerflësseg a mir sinn dovunner iwwerzeegt, datt dëst a kengster Weis eppes dozou wäert bäidroen a puncto Verbesserung vun der allgemenger Sécherheetslag respektiv bei der Preventioun vu kriminellen Akten.

Als Konkusioun wëll ech soen, datt mir mat dem Punkt vun der Informatiséierung a Systematiséierung vun den Donnéeën aus dem Tourismusberäich averstane sinn, well dës Donnéeën den Hotelieren a Campingbedreiwer zeguttkommen. Net zulescht waren et Leit aus deem Sektur selwer, déi eng besser, méi modern, méi effizient Method an deem Beräich gefuerdert hunn.

Et ass och eng wesentlech Verbesserung fir de Logeur vu senger administrativer Aarbecht, där e souwisou scho genuch huet. Mat deem Projet de loi gi mir hinnen en Instrument, wat hinne wäert hëllefen, d'Besoinë vun hire Clientë besser ze identifizéieren a besser ze fidéliséieren.

Mat all deenen aneren Dispositiounen kënnen mir awer aus all deene Grënn, déi ech virdu opgezielt hunn, net d'accord sinn. An duerfir wäert d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei, trotz deem enge wichtige positiven Aspekt, dëse Projet de loi net stëmmen.

Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Etgen. D'Wuert huet elo déi honorabel Deputéiert Claudia Dall'Agnol.

» **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi esou fei sinn ëm dës spëit Stonn nach nozelauschteren: Ech géif domat ufänken der Rapportrice emol fir d'éischt villmoos Merci ze soe fir hire gudden an och detailléierte schréftlechen a mëndleche Rapport. Ech brauch duerfir och net méi op all eenzelnen Detail anzegoen. Dat huet si respektiv och mä Virriedner scho gemaach. An ech géif mer just erlaben, e puer prinzipiell Remarquen zum Projet de loi ze maachen.

Mir Sozialisten deelen natierlech de But vum Projet de loi, esou wéi en am Exposé des motifs beschriwwen ass, nämlech en effikasse Sécherheetssystem fir eist Land doduerch, dass mer eng Kontroll hunn iwwert déi Leit, déi am Ausland wunnen, mä awer hei bei eis am Land iwwernuechten - esou wéi dat och am Accord de Schengen virgesinn ass. An natierlech si mer och domat d'accord, dass de Statec dat Material kritt, dat e brauch fir déi Statistiken ze maachen, déi schlussendlech dozou féieren, eisen Tourismus besser ze entwéckelen. Dat kënnt jo natierlech eiser Ekonomie an domat och der Allgemengheet zegutt.

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens:

d'Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal,  
Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

#### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

#### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Déi Zilsetzung besteet jo zum Deel iww-regens schonn zënter 1968. Deemools ass de Projet de loi iwwert de Contrôle des voyageurs dans les établissements d'hébergement unanime vun alle Parteien ugeholl ginn. An en hat viru ronn 40 Joer haaptsächlech als Zweck, déi gesetzlech Virschrëften ze koordinéieren, fir Lëtze-buenger mat deenen auslännesche Gäscht gläichzestellen an d'Formalitésiten ze verein-fachen, déi deemools schonn dem Statec fir Statistikzwecker sollten zougedroe ginn.

Wéi och schonns den Exposé des motifs vum Projet seet, deen eis virlâit: Déi Suerg ass net nei. Wat awer nei ass, dat ass d'Suerg ëm den Dateschutz an eben déi méiglech Konsequenzen, déi d'Collecte vun esou Donnéeë kann hunn.

Ech hunn d'Aarbechte vun der Chamber bis '68 nogelies, an do war ausser enger klenger Stëmmchen net een Eenzege, dee sech ëm den Dateschutz oder d'Iwwer-waachung duerch de Stat Gedanke gemaach huet. An där Zäit huet just de René Urbany vun de Kommunisten, déi dee Projet 1968 awer matgestëmmt hunn, eng Reserv ugemellt, well en der Meenung war, et wär iwwerflësseg, dass och Lëtzebuenger sech missten a Fichen androen, an en huet sech gefrot - ech zitieren: „Wat geet dat d'Gendarmerie un, wann ech aacht Deeg am Éislek wëll Vakanz maachen?“

Fir awer komplett ze sinn, weisen ech drop hin, dass och bei der Modifikatioun vum Gesetz am Joer '75 just d'Durée vun der Conservatioun vun den Donnéeë fir d'CSV, deemools op der Oppositionsbänk, ee Sujet war. Vun der Collecte selwer a vum Dateschutz ass keng Rieds gaangen an dat huet deemools och keen a Fro gestallt.

Or, d'Zäiten hu sech geännert an net méi spéit wéi den 29. November d'lescht Joer sot de Gérard Lommel, senges Zeechens President vun der nationaler Dateschutz-kommissioun, op Nofro vun der Zeitung „L'essentiel“ deen heite Saz iwwert d'Col-lecte vun Donnéeë respektiv Renseigne-menter iwwert deen eenzelne Bierger - ech zitieren: «Certains vont en accumuler et se faire une image de vous. Et vous ne comprendrez pas qu'on vous refuse un crédit, un job ou une maison que vous comptiez louer...»

A weiderhin seet den Här Lommel: «Plus on a d'éléments sur quelqu'un, sur ses com-munications, sur le nombre de steaks qu'il achète, plus il y a de risques d'abus, d'une utilisation commerciale ou d'avoir des données mal interprétées.»

Ech wëll domadder drop hiweisen, dass an deem Projet, deen eigentlech de Secteur vum Tourismus betrëfft an do fir den Terrain - wéi schonn 1968 an och 1975 - wesent-lech Erliichterunge bréngt, awer Elementer dra sinn, bei deenen ee muss virsiichteg sinn. Och de Statsrot ass kritesch a sengem Avis complémentaire vum November 2007. D'Rapportrice sot et, an ech wollt eigentlech elo och aus deem Avis zitieren, mä mäi Virriedner huet mer déi schwéier Tâche schonn ofgeholl an ech ka mer dat also elo spueren.

Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll hei awer nach eemol drop opmierksam maachen, wat et fir deen Eenzelnen heescht, wann hien hei zu Lëtze-buerg net doheem, mä an engem Hotel iwwernuecht, a wat hien do alles gefrot gëtt: Numm, Adress, Gebuertsdatum, Nummer vun der Carte d'identité oder Pass, wéi vill

Kanner, mat wiem hien ënnerwee ass, de Gebuertsdatum vun der Begleetpersoun, Uert wou e gebuer ass, Autosplack an -mark.

Mech wonnert et eigentlech, dass net och nach d'Sozialversécherungsnummer gefrot gëtt. Mä och esou kann ee scho genee no-vollzéien, wou ee sech mat wiem an och fir wéi laang aquartéiert huet. An hei stellen ech mer awer d'Fro, ob d'Proportionalitéit, vun där de Conseil d'État jo och a sengem Avis schwätzt, nach garantéiert ass, ëmsou méi well mer e klengt Land sinn an eigent-lech souwisou jiddfreee jiddfreee kennt. Bei der ganzer Problematik denken ech och un déi Diskussiounen, déi ronderëm d'Kame-raiwwerwaachungen d'lescht Joer an der Press, hei am Haus an och an der Zivil-gesellschaft stattfonnt hunn.

Och déi Fiche d'hébergement fir d'Lëtze-buenger muss an dee vill méi grouse Kon-text vun der Sécherheet vun de Biergerin-nen a Bierger, der Iwwerwaachung an der Proportionalitéit vun de Moosssname gesat ginn. A bei alle Mériten, déi dee Projet hei, grad wéi d'Gesetzer vun '68 a '75, fir d'Hotelieren an de Statec huet, muss een d'Fro awer stellen, awéiwäit een heimadder de Schrëtt a Richtung Iwwerwaachungsstat bekräftegt, an dat, obwuol mer haut a Saachen Dateschutz eng ganz aner Si-tuatioun hunn, wéi bei deenen éischten zweek Gesetzestexter. Natierlech huet d'Situatioun sech och geännert, wat déi kollektiv Sécherheet ugeet, an eng ganz Rei zousätzlech Moosssname sinn duerch déi méi héich Kriminalitéit an all méiglech Forme vun Terrorismus och gerechtfertegt.

D'LSAP war an ass sécherlech d'accord mat punktuellen Iwwerwaachungen am Sënn vu méi Sécherheet a méi Schutz fir all Biergerinnen a Bierger, mä ech sinn awer net iwwerzeegt, dass déi generell, breet gefächert Kollekt vun Donnéeën hei oder an anere Fäll an d'Tatsaach, dass d'Police déi kritt, gradesou wéi den Émstand, dass Leit, déi souwisou hei am Land wunnen, kéinte vun der Police kontrolléiert ginn, egal wou se hir Nuecht verbréngen, net iwwert d'Zil erausschéiszen.

Ech ginn trotzdem den Accord vu menger Fraktioun zu deem virleiede Projet. Wéi ech virdru scho gesot hunn, bréngt en eng ganz Rei Verbesserungeng fir den Tourismus-secteur an natierlech eng Hëllef fir de Statec.

Als Ofschloss géif ech just nach eng Kéier mat op de Wee ginn, dass, wa mer déi nächste Kéier drun denken, eng Modifi-katioun an deem Gesetz ze maachen, mer eis awer vläicht sollten d'Zäit huelen, nieft deene praxisbezunnenen Upassungeng fir den Terrain och e Bléck op de Volet vum Schutz vum Bierger sengen Daten ze ge-heien. Ech mengen, déi verännert Bedén-gungen, déi mer haut par rapport zu den Urspréng vun de 60er Jore vun deem Gesetz hunn, géifen esou eng Diskussioun ganz sécher net iwwerflësseg maachen.

Domat schléissen ech an ech soen lech, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, Här Minister, Merci fir d'Nolauschteren.

» M. le Président.- Merci, Madame Dall'Agnol. D'Wuert huet elo den Här Kox.

» M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der grénger Fraktioun wëll ech da fir d'éischt natierlech och der Rap-portrice, der Madame Hetto-Gaasch, fir de

mëndlechen a schrëftleche Rapport Merci soen. D'Virriedner hu scho villes iwwert dëst Gesetz gesot, Detailer an e bësse méi Kri-tesches. Ech wäert mech duerfir an där kuerzer Interventioun och just op een Aspekt vun deem Gesetz reduzieren.

Den Titel seet a sech schonn, wat Sënn an Zweck vun deem Gesetz ass. Esou ass do ze liesen: «Projet de loi ayant pour objet le contrôle des voyageurs dans les établis-sements d'hébergement». Den Titel redu-zéiert also dëst Gesetz praktesch just op de Contrôle vun de Reesenden. Et ass och be-sonnesch de Contrôle, deen eis um Mo läit.

E Gesetz wat, de Gréngen hirer Meenung no, mëssbraucht gëtt fir onnéideg Daten iwwert d'Biergerinnen an d'Bierger ze sam-melen. Mat deem Gesetz ginn elo sämt-lech Bewegungen, sief dat vu Biergerinnen a Bierger aus dem Inland oder Ausland, systematesch un d'Police weidergeleet. Dës Date ginn awer och un de Statec wei-dergeleet, fir statistesch Analyse kënnen ze maachen. Dëst awer dann op anonymer Basis.

Eng systematesch Analys aus statisteschen Iwwerleeungen, fir zum Beispill och kënné méi geziilt Werbung am Aus- wéi am In-land ze maachen, fënnt eis Ennerstëtzung. Ouni e valabele Monitoring léisst sech eng cibléiert Campagne net opbauen an och net duerchféieren. D'Verhale vum lëtzebuer-geschen Tourist ass dobäi gradesou wichteg, wéi dat vun engem auslänneschen Tourist, fir eben déi geziilt Werbung duerchféieren.

D'Gesetz bréngt awer och nach aner admin-istrativ Vereinfachungen, déi meng Virried-nerinnen a Virriedner hei schonn erkläert hunn an op déi ech elo net onbedéngt wéilt agoen. Woumat mir awer op kee Fall kënnen averstane sinn, ass déi systematesch Kom-munikatioun vun de perséinlechen Daten, déi, souwuol vum inlännesche wéi och vum auslänneschen Tourist, un d'Police wider-geleet ginn. Besonnesch d'Weiderleedung vun Date vun engem Tourist, deen aus Lët-zebuerg staamt, werft déck Problemer op.

Mä net nëmme mir hunn domat Problemer, och de Statsrot huet a senge respektiven Avisé mat Nodrock op déi Problematik hige-wisen. Den Här Etgen huet virdun e klenge Passage vum Avis vum Statsrot virgelies. Ech wéilt nach e weidere Passage derbäi-fügen an zitieren kuerz: «À ce propos, il y a lieu de noter que d'autres pays européens ont abandonné la collecte de ces infor-mations puisque l'effort administratif requis est apparu comme disproportionné par rapport aux bénéfices à en tirer sur le plan de la prévention de la délinquance.»

De Statsrot werft awer och nach eng ganz aner Fro op, an do hat den Här Etgen och virdru schonn e Passage gelies. Ech wéilt nach ee Passage doräuser zitieren: «Il est un fait que cette ingérence touche aux con-ditions dans lesquelles s'exerce la liberté individuelle, la liberté d'aller et de venir, et le respect de la vie privée, garantis par les articles 11(3) et 12 de la Constitution et l'article 8 de la Convention de sauvegarde des droits de l'Homme et des libertés fon-damentales.»

De Statsrot huet nach eng Kéier avec force, och a sengem zweeten Avis, drop hige-wisen, dass déi systematesch Kommuni-katioun un d'Police vun Iwwernuechtunge vu Résidantë géint déi virgenannten Artikele verstéisst a verlaangt duerfir nach eng Kéier d'Sträiche vun deem Artikel am Gesetz. Mir Gréng hunn deem näischt méi bäize-fügen a kënnen der Kritik an de Bedenke vum Statsrot u sech nëmmen zoustëmmen. D'Majoritéit an der Kommissioun huet awer gemengt sech deem ze widdersetzen an trotzdem un der systematescher Kommuni-katioun vu perséinlechen Donnéeën un d'Police festzehalen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, aus de virgenannten Iwwerleeunge vum Statsrot, déi mir voll a ganz an der Kom-missiouen ënnerstëtzt hunn, kënné mir net fir dese Projet stëmmen. Et schéngt mir éisch-ter, dass et e Gesetz vum Policeminister Frieden ass, wéi vum Tourismusminister Boden. D'Fräiheet vum Goen a Kommen am Respekt vun der Privatsphär steet fir eis iwwert der Surveillance vun den Dépla-cementen vu Persounen. Besonnesch dann, an dat huet jo och de Statsrot nach eng Kéier gesot, wann déi Surveillance sech och nach net als effikass am Ausland erweisen huet an deelweis schonn erëm ofgeschaaft gouf.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Kox. D'Wuert huet dann den Här Henckes.

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och meng Félicitatiounen a Remerciemen-ter un d'Madame Rapportrice, d'Madame Hetto-Gaasch. Si huet an hirer mëndlecher Interventioun drop higewisen, datt déi Daten, déi hei solle gespäichert ginn, déi-selwecht sinn, wéi déi Donnéeë vun de Passagéier vun de Fluggesellschaften. Ech wëll awer drop hiweisen, datt d'Europa-parlament virun e puer Deeg mat grousser Majoritéit bei der Proposition de directive, fir déi Date vun de Passagéier vun de Flugge-sellschaften ze stockéieren, e Veto age-luecht huet, datt dat also net realiséiert gëtt.

Ech mengen, dat beweist, datt déi Debatt, déi mer haut féieren, vिलlech méi wäit geet wéi just nëmmen dorëm, fir e puer Informa-tiounen ze kréien, fir herno kënnen eng besser Campagne de publicité ze maache fir Lëtzebuerg a fir ons Hotelieren a Restau-rateuren.

Prinzipiell ass et richtig, datt d'Horesca, déi hei muss eng etlech Informatiounen liw-weren, wou mussen eng etlech Fichen aus-geféllt ginn, seet: Voilà, wa mer dat doo kënnen iwwert den informatesche Wee ofwéckelen, ass dat fir ons méi liicht, wéi wa mer higinn an déi eenzel Fiché collectéieren an dann aschécke musse respektiv waarde mussen, bis ee se ofhuele kënnt.

Mä et geet awer elo dorëm, wat fir eng Don-néeë stockéiert solle ginn. Evidenterweis kann een Donnéeë stockéieren, ob et e Mann oder eng Fra ass, déi am Hotel ass, wat den Alter ass oder aus wéi engem Land déi Persoun kënnt. Déi Donnéeën do sinn effektiv nützelech, fir ze kucken, wat fir en Tourismus hei zu Lëtzebuerg ass, wou déi Saachen higinn, wou d'Leit hierkommen, fir datt een eventuell och méi geziilt dorop reagéiere kann a verschiddene Publizitéits-campagnen, fir d'Leit, déi eventuell kéinten Touristen zu Lëtzebuerg sinn, kënnen ze kontaktéieren a fir do e bësse méi geziilt kënnen ze schaffen.

Mä fir d'Police sinn déi Donnéeën do, e gudden Deel vun deenen Donnéeën do total onwichtig. Wann ech richtig in-forméiert sinn, an d'Regierung misst dat jo bal wëssen, ass am Joer 2007 a kengem eenzege Fall vun der Police op déi Donnéeën do zrëckgegraff ginn an enger Affaire criminelle. An duerfir, wann elo nach déi Donnéeë sollen ausgeweit ginn, da stellt sech effektiv d'Fro, firwat een op dee Wee do soll goen.

Ech erënnere mech, datt mer an der Affär „Bommeleeër“ eng Kéier de Fall haten, do stoung souguer d'Police virum Hotel, fir ze kucken, ob den Här Geiben géif eran- oder erausgoen. Do gesäit een, datt, wann d'Police eppes wéilt iwwerwaachen, se dat op eng Aart a Weis mécht, fir datt se effektiv déi Donnéeën zesumme kritt.

Mä et ass awer net, mengen ech, elo iwwert déi enorm Zuel vun Donnéeën, déi de-tailléiert Donnéeën - wéi kucken, mat wat fir engem Auto een eventuell dohinnerkomm ass -, déi misste stockéiert ginn, dass dat absolut déi Donnéeën ergëtt, déi fir d'Police an der Bekämpfung vun der Kriminalitéit oder an der Preventioun vun de kriminellen Akten noutwendeg sinn. D'Praxis weist, datt dat absolut net de Fall ass.

A wann d'Europaparlament higeet an déi Donnéeë vu Flugpassagéier, déi vилlech méi indikativ sinn, wou eventuell eppes kéint ge-schéien, schonn net wëllt stockéiert hunn op eng ganz détailléiert Aart a Weis, da kann ee sech och virstellen, datt dat sech hei fir dës Donnéeën, déi elo virgesi sinn am Gesetz, absolut net justifiéiert.

Et sief dann, et géif ëm eppes aneschters goen, an do verstinn ech vläicht, datt de Finanzminister déi Donnéeën do nawell ganz gären huet. Woufir? Well et ass jo kloer, wann déi Donnéeë schéin am Detail virleien, da kann den Hotelier net ver-giessen, iergendwéi eng Nuitée do net un-zeginn. Seng Recetten um Niveau vun den Nuitéeën, déi an engem Hotel verbruecht ginn, si ganz kloer, well hie riskéiert jo soss, wann hien do eppes géif vergiessen, fir deen Ablack herno eng Affaire pénale ze kréien.

(Interruption)

Jo. D'accord, mä et ass awer relativ no, fir dann awer ze kucken, wéi dann déi Don-

néeën do sinn. Duerfir wëll ech Verständnis hunn heiansdo fir esou Saachen.

Mä nach eng Kéier, déi Donnéeën do esou detailléiert unzeginn, justifiéiert sech net, op jidde Fall net vun der Police.

Duerfir wëll ech och soen, datt mir mat deem Gesetz net d'accord sinn an och géint d'Gesetz wäerte stëmmen.

» **M. le Président.**- Merci, Här Henckes. Dann huet d'Regierung d'Wuert. Här Minister Boden, wann ech gelift.

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt menger Satisfaktioun Ausdrock ginn, datt de Projet de loi iwwert déi sougenannte Fiches d'hébergement haut, wann och zu spéider Stonn, hei an der Chamber debat-téiert ginn ass an - ech hoffen - muer gestëmmt gëtt.

Ech wëll fir d'éischt emol der Madame Rapporteur oder Rapporteuse - ech weess net, wéi een dat soll nennen?

» **M. le Président.**- D'Académie française huet „Rapporteuse“ gesot.

(Interruptions)

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.**- Voilà, der Madame Rap-porteuse Françoise Hetto Merci soe fir déi gutt an effikass Aarbecht, déi se gemaach huet. Merci och de Memberen an der Kom-missioun, déi versicht hunn, aus villen Avisen en Text ze maachen, dee menger Meinung no e gudden Text ass.

Ech wëll och soen, datt de Secteur hannert dësem Projet de loi steet. Déi Ännerungen, déi par rapport zu dem urspréngleche Pro-jet gemaach gi sinn, sinn zum Deel op aus-dréckleche Wonsch vum Secteur komm.

Ech mengen, datt déi Leit vum Secteur, déi och haut hei dësen Debatten nolauscheren, sécher wäerte frou sinn, ze mierken, datt dëse Projet awer muer mat enger Majo-ritéit, wa se och net ganz grouss ass, wäert gestëmmt sinn.

(Interruption)

De Generalsekretär vun der Horesca huet schonn zënter Jore bei all Randonnée tour-istique dorop higewisen, datt et wichteg wär, eng Reform iwwert d'Problematik vun de Fiches d'hébergement erbäizeféieren. Mir hunn zesumme mat grousser Hart-näckegkeet versicht, fir vill Hürden ze iwwerwannen, fir op deen Text ze kommen, dee wéi gesot elo zur Ofstëmmung hei virläit.

Ech wëll net nach eng Kéier op all d'Objek-tiver agoen: déi administrativ Vereinfachun-gen, déi besser, méi fiabel, statistesch Don-néeën, déi heiduerech erméiglecht gi sinn. Ech mengen, d'Françoise Hetto huet dat am Detail souwuel a sengem schrëftleche wéi och elo a sengem mëndleche Rapport ge-maach.

Ech wëll op e puer Problemen agoen, déi hei ugeschwat gi sinn. Besonnesch ass dat d'Problematik vum Dateschutz. Ech wëll och soen, datt déi op der Fiche d'héberge-ment gefroten Informatiounen natierlech ganz perséinlecher Natur sinn. An et war aus deem Grond och wichteg, ze garantéie-ren, datt bei der Erfaassung an och bei der Transmissioun vun den Donnéeën de Schutz vun der Privatsphär vum Eenzelnen net a Fro gestallt ass.

Fir dat ze garantéieren, hu mer vun Ufank un d'Commission nationale pour la protec-tion des données mat ageschalt. Schonn an engem ganz fréie Stadium hu mer deenen hiren Avis gefrot, an déi Remarquen, déi si gemaach hunn, sinn och schonn an den éischte Projet mat eragefloss.

Ech wëll d'ailleurs der Kommissioun Merci soe fir déi Efforten, déi se gemaach huet, fir matzehëllefen, datt dee Problem, dee jo e kriteschen ass, eiser Meinung no zefridde stellend geléist konnt ginn.

D'Problematik yum Dateschutz, déi jo och vum Conseil d'État opgeworf ginn ass, stellt sech virun allem bei der Kopie vun der Fiche, déi un d'Police geet. Déi Kopie nämlech, déi un de Stateg geet, déi enthält

nëmmen anonymiséiert Donnéeën, déi fir d'Touristikstatistik relevant sinn.

Mä fir ze garantéieren, datt d'perséinlech Rechter, d'Fräiheete vum Eenzelnen net ugetaascht ginn, ass virgesinn, datt an engem Règlement grand-ducal eng Rei vu Saache festgehal solle ginn. An deem Règlement grand-ducal sollen éischstens emol d'Modalitéiten an d'Délaië vun der Transmissioun festgehale ginn, de Modell an den Inhalt vun der Fiche définéiert ginn, mä awer och den Traitement an de Stockage vu Säite vun der Police soll do prezisiéiert ginn, fir dat néidegt Gläich-gewicht - op dat jo vill Leit hei gepocht hunn - tëschent dem Contrôle policier an dem Dateschutz ze garantéieren, a fir derfir ze suergen, dass dës Donnéeën net a friem Hänn falen oder fir aner Zwecker gebraucht ginn.

Et ass jo och duerfir festgehale ginn, datt den Traitement vun deenen Donnéeën an engem temporäre Fichier vun der Police gemaach gëtt. Am Reglement soll jo festge-hale ginn, datt e maximalen Délai vun 72 Stonnen no der Transmissioun vun den Donnéeën un d'Police zrëckbehale gëtt, wou de Stockage vun deenen Donnéeë soll gemaach ginn.

Wat elo den Inhalt vun der Fiche betrëfft, esou wëll ech soen, datt déi Informatiounen, déi de Visiteur zu senger Persoun muss uginn, déi nämlech si praktesch, wéi déi, déi am heitege Reglement stinn.

Dem Här Etgen wëll ech soen, wann en esou grouss hei schwätzt vun dem Date-schutz an datt dat esou e ganz schlecht Gesetz wär, datt déi Donnéeë genee déi sinn, déi schonn am Reglement an am Ge-setz vu '75 festgehale gi sinn. 1975 war de fir den Tourismus zoustännege Minister keen CSV-Member, well d'CSV war an der Opposition; dat war en DP-Mann. Deen huet also déi Donnéeën do esou festge-halen. An de Justizminister, deen och invol-véiert ass - den Här Frieden ass jo genannt ginn -, dat war deemools en LSAP-Mann.

Dat heescht also net, datt elo hei viles verbösert a verschlëmmt ginn ass. Am Contraire: D'Dateschutzkommissioun huet munches méi kloergestallt, datt eben net déi Donnéeë sollen a falsch Hänn kommen. Duerfir mengen ech schonn, datt dat, wat hei ausgedréckt ginn ass, an engem zim-lech haarden Toun, vum Här Etgen am Numm vun der DP, e bësse besonnesch ass.

Virun allem wann ee weess, datt d'DP sech ëmmer esou sécherheetsbewosst gëtt. Et gëtt ni genuch kontrolléiert. Et sinn ni ge-nuch Polizisten do, wann ee se heiansdo héiert. Mä wann et drëm geet, der Polizei emol eng Kéier Mëttelen ze ginn, fir géint d'Kriminalitéit virzegoen, da si se absent an dann ass dat schwierig.

Ech hunn den Här Etgen d'éischt drop hige-wisen, wéi e gesot huet: Ass dann iwwer-haapt jeemools ee gefaasst ginn opgrond vun deenen Donnéeën?

Jo! An der Kommissioun ass e Fall genannt ginn ënner anerem, wou ee Prisonnéier vun Tréier fortgelaf war. Deen ass op Stroossen an en Hotel gaangen an dee konnt do fest-geholl ginn, well ebe festgestallt ginn ass, datt deen an deem Hotel do war. D'Polizei huet scho Méiglechkeeten, fir dergéint kënne virzegoen.

Ech wëll just soen, an den Ae vum Touris-musminister ass dat e secondairë Volet. Mä wa mir deen net heimadder behandelt hätten, hätt de Justizminister en anere Projet ginn, dee wahrscheinlech net manner streng gewiescht wär; am Contraire, hätt ech gemengt.

A fir dann ze mengen, d'Lëtzebuerger missten ausgeschloss ginn, wëll ech just soen, éischstens emol wär dat eng Diskri-minatioun vis-à-vis vun den Ausländer. Mä et ass och net onwichtig, fir éischstens emol de Bannentourismus kënne besser ze kontrolléieren, an zweetens, fir datt eben, wann och Lëtzebuerger kriminell Akte maachen, déi eventuell kënnen opgrond vun esou Donnéeë festgehale ginn.

Wéi gesot, déi Donnéeë gi relativ schnell zerstéiert vun der Police. Déi huet also net vill Moyenen. Et geet drëm, wann e Fall do ass, fir kënne schnell ze agéieren, wann esou e Mann, deen eng kriminell Dot gemaach huet, nach hei am Land ass an iergendwéi versicht huet an engem Hotel ënnerdaach ze kommen.

Duerfir mengen ech schonn, datt déi Re-prochen, déi hei gemaach gi sinn um Date-schutz, net an deem Mooss berechtigt sinn, wéi se hei virbruecht gi sinn. Be-sonnesch vun der DP-Säit aus.

Fir ofzeschlësse wëll ech soen, datt deen neien Text hei éischstens emol eng Ver-besserung an eng Vereinfachung bréngt

vun der administrativer Prozedur. An dat fir all déi Bedeelegt, souwuel fir de Logeur wéi och fir de Visiteur, deen net méi, beson-nesch wann en a Gruppe kënnt, esou laang brauch ze waarde bis datt e kann a säin Zëmmer goen. Och dat ass wichteg, well den Hotel oft den éischte Kontakt ass vun dem auslänneschen Tourist mat Lëtze-buerg. A wann do eng schnell an effikass Offäerdegung ass, wann e schnell kann op säin Zëmmer goen, wann e schnell aus der Réceptioun ka fortgoen, dat ass och e wich-tegen Tromp fir d'Qualitéit um Client ze ver-besseren.

Da soll de Projet och d'Aarbecht vun der Police, wéi gesot, am Kader vun hirer Missioun erliichteren, se méi effikass maa-chen, ouni den Dateschutz a Fro ze stellen.

Finalement erméiglecht dëse Projet och eng Erstellung vu fiablen, vun detailléierten, vu méiglechst aktuellen touristesche Statis-tiken. Et ass jo vun alle Säiten ënnerstrach ginn, datt dat net onwichtig ass, fir éischstens emol eng effikass Tourismuspoli-

tik ze maachen, an zweetens och, fir den touristesche Marketing an eng touristesch Promotioun kënnen ze realiséieren.

Wéi gesot, ech soen duerfir all deene Merci, déi dëse Projet ënnerstëtzen. Et waren der vill, déi mat dorunner bedeelegt waren, fir en esou wäit ze kréien, wéi den Text haut virläit. Ech soen alleguer Merci an ech hoffen, wéi gesot, datt muer dee Projet hei gestëmmt gëtt. Et ass sécher keen on-wichtige Schrëtt, fir den Tourismus e bësse méi einfach a méi effikass ze maachen.

» **Une voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Kollegeinnen a Kollegen, mir sinn um Enn vun den Diskussiounen ukomm. Ech erën-neren drun, datt muer de Mëtteg d'Votë sinn. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um dräi Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 21.00 heures)

## Sommaire des séances publiques Nos 33 et 34

Communications pages 407-408

Retraits du rôle des affaires page 408

5857 - Proposition de loi sur la prostitution (Déclaration de recevabilité) page 408

5595 - Proposition de révision de l'article 10 de la Constitution

et

5672 - Proposition de révision de l'article 9, alinéa 1<sup>er</sup> de la Constitution, Article 63 du Règlement (Prise en considération) page 408

Composition des commissions parlementaires page 408

Ordre du jour page 408

Dépôt d'un projet de loi page 408

Dépôt d'une proposition de loi page 408

Heure de questions au Gouvernement

- Question N°264 du 22 avril 2008 de M. Gilles Roth relative au cadre réglemen-taire applicable à l'implantation d'éoliennes, adressée à M. le Ministre de l'Envi-ronnement page 409

- Question N°265 du 22 avril 2008 de M. Eugène Berger relative à l'état d'avan-cement des plans sectoriels, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur et de l'Amé-nagement du Territoire page 409

- Question N°266 du 21 avril 2008 de M. Roland Schreiner relative à l'introduction d'une pension complémentaire dans la fonction publique, adressée à M. le Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative page 409

- Question N°267 du 22 avril 2008 de M. Camille Gira relative à l'organisation des services de secours et notamment des règlements grand-ducaux à prendre en exécution de la loi du 12 juin 2004, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire page 410

- Question N°268 du 22 avril 2008 de M. Ali Kaes relative au remboursement du vaccin contre les infections à HPV (Human Papilloma Virus), adressée à M. le Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale page 410

- Question N°269 du 21 avril 2008 de M. Jacques-Yves Henckes relative aux récents jets de pierre de ponts autoroutiers, adressée à M. le Ministre de la Justice page 410

- Question N°270 du 21 avril 2008 de M. Roger Negri relative à une proposition de directive de la Commission européenne augmentant le taux du biofuel à 10% en tant qu'additif dans l'essence et le diesel jusqu'à l'an 2020, adressée à M. le Mi-nistre de l'Environnement pages 410-411

Heure d'actualité demandée par le groupe CSV au sujet du don d'organes pages 411-413

5804 - Débat d'orientation sur le rapport d'activité du Médiateur (2006-2007) pages 413-422

Déclaration sur la politique de coopération et d'action humanitaire présentée par M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, suivie d'un débat pages 422-436

Ordre du jour page 436

5516 - Projet de loi

- relatif à la création d'un Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accré-ditation, de la sécurité et qualité des produits et services et à la création d'un cadre général pour la surveillance du marché dans le contexte de la commercia-lisation des produits,

- modifiant \* la loi modifiée du 17 mai 1882 sur les poids et mesures, \* la loi modi-fiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'administration des contributions directes et accises, \* la loi modifiée du 14 août 2000 relative au commerce élec-tronique, et \* la loi du 31 juillet 2006 relative à la sécurité générale des produits, et

- abrogeant la loi du 22 mars 2000 relative à la création d'un Registre national d'accréditation, d'un Conseil national d'accréditation, de certification, de norma-lisation et de promotion de la qualité et d'un organisme luxembourgeois de nor-malisation, modifiant la loi du 14 décembre 1967 portant institution d'un poste de Commissaire du Gouvernement, portant création d'un Service de l'énergie de l'État, et concernant l'exploitation des centrales hydro-électriques d'Esch-sur-Sûre et de Rosport pages 436-441

5585 - Projet de loi ayant pour objet le contrôle des voyageurs dans les établis-sements d'hébergement pages 441-444